

Allocution

Léif Memberen vun Amitié Am Sand Amizero asbl
Léif Giedelen a Pätteren vu Kanner aus der Schoul Amizero
Dier Dammen an dir Hären aus dem Scheffen- a Gemengeroot vun der Gemeng
Nidderaanwen, a Verrieder vun de verschiddeenen Kommissiounen,

Léif Memberen vun der Association des Parents d'élèves a léif Eltereverrieder,

Am Numm vun eiser ONG Amitié Am Sand Amizero soen ech iech all härerlech
Merci datt Dir op eiser AG 2017 dobäi sidd.

AG 2017... Wéi ech déi Joereszuel geschriwwen hunn, ass mir mol nees esou
richteg bewosst ginn, wéi eng Entwécklung eis ONG Amitié Am Sand-Amizero
dach gemaach huet.

An iwwehhaapt: ONG? ... virun 10 Joer hätte mir nët mol dru geduecht datt mir
eis jeemols esou géinge nennen. Mir waren du just eng kleng asbl ginn...
Ech hu kierzlech an eisen digitalen Archive gewullt, an dobäi e Scan vun den
alleréischte Fotoe fonnt, déi mir deemols 2004 vum Centre scolaire Amizero zu
Ruhango per Post geschéckt kruuten... Hei gesidd dir der e puer!

Wann een se mat de Gebäilechkeete vergläicht, déi haut do stinn, da gleewt een
ët bal nët, wat an dëse Joere alles konnt opgebaut ginn.

Wéi mir dunn 2015 den Agrément kruuten, war dat eng nei Etapp, un déi mir och
sächer deemols nët geduecht hätten... Mulmeg war et eis schonns e bëssen
dobäi, awer dëst huet et ons och erméiglecht, datt mir konnten eegestänneg nei
Projeten beim MAE erareeschen, fir de Cofinanzement unzufroen.

D'läscht Joer konnte mir iech dunn op eiser AG matdeelen, datt eisen éischten
eegestännege Projet grad de Cofinanzement vum Ministère accordéiert kruit.
Dëse Projet zu Nyundo leeft elo am 2. Joer a gët am Summer 2017 ofgeschloss.

An haut si mir immens frou iech kënne matzedeele, datt eise nächste Projet, e
Waasserprojet zu Nyundo, dee mir am Januar um MAE déposéiert hunn, virun 2
Wochen de Cofinanzement accordéiert kruit an am Mee wäert ulaafen.

Natiirlech ass dës Entwécklung vun enger inoffizieller asbl vun engem Grapp Idealisten ouni weider Erfahrung zu enger ONG agréée bemierkenswäert, an dach ass daat Wichtigst wat dës Entwécklung alles fir d'Kanner, d'Enseignanten an eis Partner am Rwanda bewierkt huet...

D'läscht Joer hate mir och en Interview mat engem Auditeur am Cader vun enger Etudes, dee vum MAE beoptragt gouf.

Mir goufen ënnert aanerem gefroot, wat mir als Stärkten, resp. Schwächen vun eiser ONG géingen definéieren. Als eenzegt ass mir agefall, datt dëst eigentlech an eise Fall eng an di selwecht Eegeschaft ass: eis Stärkt an eis Schwächt zugleich: datt mir eng butzeg ONG sinn, déi mat der Ënnerstëtzung vu villen eenzelne Leit, um Liewe gehaale gët.

Change in the world comes from individuals, from the inner peace in individual hearts. Just as ripples spread out when a single pebble is dropped into water, the actions of individuals can have far-reaching effects.

(Dalai Lama)

En Zitat vum Dalai Lama seet, datt de Wiessel op dëser Welt vun Individue kënnt, Datt genau wéi d'Kreeser, déi um Waasser entstinn, wann een eenzelne Steen drageworf gët, sech ausbreeden, esou kënnen och eenzel Aktiounen wäitreechent Folgen hunn.

Während eise Openthalt am Rwanda am Summer d'läscht Joer si mir mat selwergebastelte Cado'en vun de Kanner vu Nyundo littéralement iwwerschott ginn, all eenzel Bastelei d'Symbol vun der Dankbarkeet un déi Leit, déi hiert d'Liewe verbesseren hëllef an e Symbol vun der Freed, dierfen an eng Schoul ze goen, wou et sech gutt léieren a liewe léisst. D'Enseignante sinn houvreg, dierfen an enger Schoul z'ënnerriichten, déi hier Liewensqualitéit verbessert an daat wierkt sech dann och op den Unterricht aus! Nach wieder Kreeser um Waasser, déi sech ausdeenen!

Schließlech kruute mir nach dëse Kierfchen an de Grapp gedréckt, an de Message, deen d'Kand mat vill Léift dra geschriwwen huet, gëllt all deenen, déi eis ONG ënnerstëtzen!

Kreeser um Waasser... Alles huet mat enger, mat e puer Drëpsen, klengen oder méi grouse Gesten, ugefaangen, déi hier Kreeser weiderhinn ausdeenen... a nët nëmmen an eng Richtung!